



sen. Mir müssen awer net blauäueg sinn a mengen, dass een alles, wat an enger Entreprise esou vu Wëssen ass, elo einfach aus Grënn vun Transparenz op der Place publique ka verdeelen an diskutéieren. Esou funktionéiert keng Ekonomie, an ech mengen, esou éierlech muss mer och mat eis selwer sinn.

Ech soen lech op alle Fall Merci fir Är Bäitrag.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Wirtschaftsminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7353. Den Text steet am Document parlementaire 7353¹¹.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7353 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7353 ass mat 56 Jo-Stëmmen, bei 2 Nee-Stëmmen an 2 Abstentionen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Laurent Mosar), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

9. 7304 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée pilote

Mir kéimen elo zum leschte Punkt vum Ordre du jour, dem Projet de loi 7304, enger Ofännerung vum Gesetz iwwert de Pilotlycée. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht ginn. Et si schonn ageschriwwen: d'Madamm Hetto-Gaasch, d'Madamm Lorsché, den Här Kartheiser, den Här Wagner an den Här Clement. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun demsem Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

► **M. Gilles Baum (DP), rapporteur.**- Villmools Merci, Här President. « Effort, passion, amitié »: Dat ass de Motto vum Lycée pilote, deem 2005 an d'Liewe geruff ginn ass an dee säit 2012 zu Miersch seng Dieren opgemaach huet a fonctionnéiert ënnert dem Numm Ermesinde.

Dëse Lycée bitt vu Septième bis Cinquième all Klassen un am Classique, am Général an och am Préparatoire, da vun der Quatrième un de Classique a vun der Troisième un d'Sektiounen A, B, C, D a G.

Wat ass d'Spezifisitéit vun deem Lycée? Wat ass an deem Lycée anescht wéi an anere Lycéeën?

D'Membere vun der Educationskommissioun haten d'Chance, fir am Februar op d'Plaz selwer kucken ze goen, sech ze informéieren. Mir haten do Interaktiounen, net nëmme mat der Direktioun, wat ganz interessant war, mä och mat de Schüler a mat deene Leit, déi mat de Schüler do schaffen. A mir konnten eis e

Bild maachen iwwert dat, wat genannt gëtt d'Entreprises, mir konnten eis e Bild maachen iwwert d'Entrepreneuriat.

An net fir näischt gëtt et, nom Ofschloss an där Schoul, net nëmme e Premièresdiplom, mä och e Certificat d'initiation à la recherche respectiv e Certificat d'initiation à l'entreprise. A schonn no der Cinquième kritt all Schüler e Certificat de sensibilisation à l'entrepreneuriat.

D'Zil vun deem Projet de loi ass einfach, d'Expérience entrepreneuriale an d'Schoulgesetz, oder an d'Gesetz vun där Schoul festzeschreiw, geméiss dem Plan « Entrepreneurship 2020 » vun der Europäescher Kommission.

De Lycée Ermesinde vu Miersch huet mam Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse an och mam Ministère de l'Économie eng Konventioun ofgeschloss, déi heescht „Promotion de l'entreprise à l'enseignement secondaire“.

Opbauend op der Erfahrung vun de leschte Joren huet de Lycée wëlles, sech nach méi no un déi ekonomesch Realitéit ze engagéieren. D'Entreprises, déi scho säit Joren an deem Lycée fonctionnéieren, si wichteg fir d'Motivatioun, d'Orientatioun an och den Engagement vun de jonke Leit.

Duerch dëst Gesetz gi si, d'Entreprises, fest verankert am Curriculum vun der Schoul an esou fonctionnéieren d'Unités d'entreprise zesumme mat den Unités d'enseignement.

(Brouhaha)

Et ass e bëssen Tumult de Mëtten. Dat ass awer net schlëmm.

D'Gestioun vun de Ressourcen, deenen natierlechen, mënschlechen, finanziellen an zäitlechen, ass e groussen Defi an eiser globaliséierter Welt. An dat ass en Defi, op deem d'Education sech muss astellen. Fir dass d'Schüler sech däers bewosst sinn an och esou kënnen schaffen, müssen natierlech optimal Léierkonditiounen an top Personal op der Plaz sinn. An dat ass och de Fall. D'Approche muss positiv a motivant sinn, fir de Schüler Loscht ze ginn, um Développement économique deelzehuelen an d'Liewen ze verbessern.

Dobäi gëllt et, zesummenzeschaffen. D'Entreprise sinn also complémentaire zu de Coursen an de perséinlechen Aarbechten, déi individuell gemaach ginn. De Schüler engagéiert sech also, fir d'Chancen, awer och d'Schwieregkeete vum Produktionsprozess an dem Commerce kennenzéieren. De Schüler investéiert sech an d'Produktioun an entwéckelt esou seng Talenter.

Wat fir Entreprise ginn am Lycée Ermesinde zu Miersch ugebueden?

Et ass emol Arts et Métiers. Do kann ech mech erënneren, dass mer op der Visitt gesinn haten, dass an engem Atelier Kleeder gemaach gi sinn. Et ass de BAM, de Bike Atelier Miersch, wou d'Véloe gefléckt ginn. Et ass de C.A.D.E., d'Centrale d'Administration et de Développement des Entreprises. Et ass Chelsea Studios, dat ass alles, wat Multimedia ass, Film a Foto. Coiffure gëtt et, Food and Beverage, dat ass dat, wat mat der Kichen ze dinn huet an natierlech och mam Service, Nature et Terroir, et gëtt Sätzwierk, dat huet mat de Kulturen a mat der Sprooch ze dinn, et gëtt Sciences, Spectacles a Sport.

Dës Entreprise produziéieren Gidder oder si bidde Servicer un. D'Entreprise gi geréiert vun experimentéiertem Personal, vun experimentéierte Schüler. An déi sollen esou authentesch wéi nëmme méiglech fonctionnéieren.

An deem Entrepreneuriat gëtt et fir d'Schüler verschide Stufen, déi mam Degré vun der Verantwortung ze dinn hunn, déi si an der Entreprise iwwerhuelen.

D'Kompetenzen, déi se do léieren, dat nennt een „soft skills“, an déi si laut deem, wat mer héieren hunn, an där Schoul gradesou wichteg wéi déi Kompetenzen, déi se am Unterrecht léieren.

Zum Inhalt vum Projet de loi.

Do geet et emol ëm d'Unités d'enseignement an ëm d'Unités d'entreprise, déi op 32 Stonnen an der Woch festgeluecht sinn, 34 Stonne bei Schüler, déi Latäin oder Chinesesch maachen. An doranner leien aacht bis zéng Unités d'entreprise, awer och Séquences d'études, Séquences récréatives, parascolaires an den Encadrement.

Natierlech leet dëst Gesetz och de Programm fest: d'Préparatioun, déi muss gemaach ginn an Hinaarbecht, fir den Diplom ze kréien, d'Unité-d'entreprises an och de Mémoire. Et gëtt e Mémoire collectif, dee geschriwwen gëtt op Troisième, an et gëtt e Mémoire individuel op Deuxième.

Dann, e wichtegt Element an där Schoul ass de Portfolio. Am Portfolio ass de Journal de

bord vum Schüler dran, dee säi Parcours retraçiert, säi Projet personnel an och, wat wichteg ass, d'Autoevaluatioun: Wéi gesäit de Schüler sech an där Schoul an an där Entreprise, wou e matschafft?

Et gëtt natierlech och en Dossier, dee vun der Équipe pédagogique opgestallt ass a säi Parcours d'apprentissage erëmspigelt, an och natierlech eng Zensur.

Den Artikel 8, dee leet d'Organisation vun den Unités d'entreprise am Lycée fest, wéi scho gesot, ënnert der Gerance vun experimentéiertem Personal an och experimentéierte Schüler natierlech. An hei fonctionnéiert et nom Prinzip „learning by doing“.

D'Täché vum Personal an dësen Entreprise sinn, niewent der Betreuung, d'Entwécklung vun de Gidder a vun de Servicer, awer och de Verkauf respectiv d'Distributioun vun dese Gidder a Servicer. Nohaltegkeet, Émweltschutz an natierlech och d'Rücksicht op d'Gesondheet spillen eng grouss Roll an dësen Tächen, genau ewéi de Gebrauch vun neien Technologien. Natierlech fält an déi Täche vun där Entreprise a vun dem Personal och d'Ennerstëtzung vun de Schüler dran an den Austausch mat aneren Entreprises.

Den Artikel 9, dee leet déi intern Organisation an der Schoul fest. Do gëtt et déi méi theoretesch Approche, wat d'„Maisonen“ sinn, wat sech méi op den educative Beräich bezieht, awer och déi praktesch Approche, dat heescht d'„Entreprise“, déi ekonomesch Approche.

Den Tuteur an d'Équipe-pédagogique, déi këmmere sech natierlech ëm d'Kanner. An d'Täche vum Tuteur ass d'Gestioun vun esou enger „Maison“, d'Organisation vun de Séquences d'études a rekreative Sequenzen, d'Concertatioun am Kader vun den Équipes pédagogiques an natierlech och déi sozioeducativ Betreuung vu Kanner, déi et an der Schoul méi schweier hunn.

Wat d'Evaluatioun ueegt, dat heescht, esou wéi d'Kanner virukommen, do gëtt fir all Fach eng Nott ausgedeelt vun 1 bis 6. An do gëtt natierlech och eng Joresmoyenne gerechent. Wann een a méi wéi engem Drëttel vun de Fächer eng ongenügend Nott huet, dann huet een d'Joer net gepackt.

An anere Fäll gëtt et en Noexamen: wann een eng Fënnf oder eng Sechs huet, wann een eng Ongenügend an engem Haaptfach huet. Wann een eng Véier huet an engem Fach, wat elo kee primordialt Fach, wat net e Fach fondamental ass, da gëtt et en Noexamen, dee kann ausgesprach ginn opgrond vun den Evaluatiounen, vun deem, wat och am Portfolio steet (veuillez lire : Wann een eng Véier huet an engem Fach, wat elo kee primordialt Fach ass, wat eng Discipline non fondamentale ass, da kann een Noexamen ausgesprach ginn opgrond vun den Evaluatiounen vun deem, wat och am Portfolio steet).

Den Artikel 15 leet de Statut fest vun deene Leit, déi an der Entreprise schaffen, déi d'Entreprise leeden. Déi ware bis elo Chargés d'éducation. Déi ginn awer elo Employés de l'État am Sous-groupe administratif. Dräi Konditiounen sinn am Gesetz festgeluecht: Si mussen mindestens fënnf Joer an där Spezialitéit geschafft hunn, wou se och an der Entreprise schaffen, si mussen mindestens den Niveau B2 an enger vun de Landessproochen hunn a si müssen en DAP hunn oder en equivalenten Diplom. An natierlech ginn an deem Artikel och d'Täché festgeluecht an d'Vakanzen.

Am Artikel 17 steet och drageschriwwen, dass d'Entreprise kënnen Suen ausginn, mä si kënnen och Suen erakréien.

Voilà! Ech mengen, déi Leit, déi mat op der Visitt ware vun der Educationskommissioun, déi konnte sech e Bild maachen. Ech hunn dat ganz, ganz flott fonnt. A mir gefällt un deem Gesetz ganz gutt, dass déi Erfahrung vun deene Joren - déi Schoul schafft jo awer elo mëttlerweil iwwer zwielef Joer -, dass déi Erfahrungen, déi gemaach gi sinn, hei an dat Gesetz erafléissen. Ech fannen dat valorisant. An duerfir ginn ech hei den Accord vun der Demokratescher Partei.

An ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Françoise Hetto-Gaasch agedroen. Madamm Hetto-Gaasch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Alleréischts soen ech dem Rapporteur Gilles Baum villmools Merci fir säin explizite Rapport.

Laut de leschten Zuele vum Statec an och dem Rapport vum Global Entrepreneurship Monitor vun 2017/2018 läit den Undeel un neien Entre-

preneuren hei zu Lëtzebuerg bei 9,3 %. Domadder leie mer ganz genee 1 % méi héich wéi den Duerchschnitt hei an Europa.

D'Motivatioun, fir Entrepreneur ze ginn, läit un éischer Stell am Wunsch no Onoffhängegkeet. An et sinn och éischer d'Männer, déi sech trauen, wéi d'Fraen.

Et muss een awer och wëssen, dass d'Angscht virum Echec 53 % vun de Leit ofschreckt, fir iwwerhaupt deen dote Wee unzotrieden. Et gëtt jo och hei zu Lëtzebuerg eng ganz Partie vu flotten Initiativen, déi den Entrepreneursgeescht fërderen. An et ass gewosst: Wat ee méi fréi domadder ufänkt, wat et besser ass.

D'Schoule bidden also duerfir ganz kloer den optimalen Terrain, fir jonk Leit mam Entrepreneuriat ze konfrontéieren. An an deem Sënn ass och dese Gesetzestext ze gesinn.

D'Modifikatiounen, déi sech heider fir d'Gesetz vun 2005, mat deem de Lycée jo geschafft ginn ass, erginn, baséieren op den Erfahrungswärter vum Lycée Ermesinde. An ech erënnere wierklech op där Plaz un déi mitigéiert Vuë vu ville Leit, wéi dësen neie Lycée opgaangen ass.

D'Philosophie vun der Schoul berout jo op dem Schüler senger Motivatioun a sengem Engagement. Alles nom Motto, esou wéi den Här Baum och gesot huet: « effort, passion, amitié »

Hei wier et natierlech flott, wann ee géif e globalt Konzept entwéckelen, wou wierklech systematesch dësen enke Kontakt mat dem Entrepreneuriat an alle Schoule géif stattfannen. Domadder géif den Entrepreneursgeescht an alle Lycéeën integréiert ginn.

Wéi den Här Rapporteur dat och schonn ausféierlech erkläert huet, gi sougenannten Unités d'entreprise kreéiert, déi als konventionéierte Stage organiséert sinn an am Fong geholl complémentaire zu den normale Coursen stattfannen. D'Zil ass et jo, fir déi Jonk an e praxisorientéierten a realitéitsnoe Produktionsprozess ze integréieren. Hei kënnen si hir eegen Talenter entdecken an dann och entwéckelen.

Vill Schüler wënsche sech dat. Si wënsche sech eng méi praxisorientéiert Schoul. An d'CSV-Fraktioun ënnerstëtzt duerfir och dese Projet, well heimadder déi Jonk léieren, wéi ee verantwortungsvoll an och léisungsorientéiert schafft. Hei entwéckele si e Sënn fir dat Praktescht, fir dat Ekonomesch, dat Ekologesch an dat Relationell, deemno alles complémentaire Kompetenzen zu deem, wat si an den normale Schoulcoursen léieren.

Mir konnten eis, wéi gesot ginn ass, den 20. Mäerz am Kader vun enger Visitt vum Lycée en eegent Bild um Terrain maachen. An och, wa mir dese Projet de loi mat ënnerstëtzen, esou stelle sech dach awer fir eis e puer Froen.

Den Entrepreneursgeescht ass a soll jo Source vun Innovatioun sinn. Wann et awer vu virera fix ass, wéi eng Entreprises et ginn, gëtt dann effektiv nach ëmmer den Esprit d'entreprise gefördert, bleift do genuch Zäit, genuch Sputt fir Innovatioun an och fir nei Iddien?

Am Text steet dann, dass d'Personal, dat an den Entreprise schafft, derfir surgen muss, dass d'Produktioun an d'Distributioun Fortbestand hunn. Dohier meng Fro: Wéi laang muss déi Perennitéit do garantéiert sinn? Besteet do net d'Gefor, dass mer eis ze vill anengen, selwer ze vill Drock maachen an eis et verspären, fir nei Entreprises ze grënnen? Gëtt domadder iwwerhaupt den Entrepreneursgeescht gefördert oder ass dat vläicht net d'Zil? An eisen Aen ass et awer e wichtegt Zil.

An de leschte Jore koumen an enger ganzer Rei vu Lycéeën franséisch-, däitsch- oder och engleschsproocheg Sektiounen derbäi. Duerfir och eis Fro am Kader vun deem Projet: Wéi ginn déi dräi Haaptproochen an d'Unité-d'entreprise mat agebaut? Wéi eng Sprooch gëtt iwwerhaupt geschwat an der Entreprise? Wéi ee Stellwäert huet de Sproochenapprentissage am Lycée Ermesinde?

Mir hunn eis och d'Fro gestallt, ob den Niveau B2 a just enger vun de Landessproochen fir de Formateur duergeet, fir de Schüler kënnen iwwert déi eenzel Aarbechtsstofflee präzis Erklärungen ofzeginn. A mir sinn iwwregens frou, dass op eis Interventioun hin den Niveau DAP fir den Ausbilder an d'Gesetz stoe koom. Et wier definitiv e falscht Zeeche gewiescht, wa mer vermëttelt hätten, dass jiddweree kann e Betrib féieren, ouni eng minimal Basisausbildung ze hunn.

Well et net explizitt am Gesetz drasteet an awer fir eis och, an d'Elteren dobause ganz bestëmmt och, wichteg ass, wollte mir nofroen, ob d'Zensur, déi jo wierklech net identesch ass mat där aus deenen anere Lycéeën, den Elteren erkläert gëtt. Do kann de Minister eis vläicht herno eng Erklärung derzou ginn.

Ech kommen zum Schluss vu menger Interventioun. Schoul a Léiere solle Freed maachen



an op d'spéidert Liewe preparéieren. D'CSV ënnerstëtzt duerfir och dësse Projet de loi. A mir géifen eis wënschen, wann och weider Schoulen a Lycéee sech op de Wee géife maachen, fir den Entrepreneursgeescht an de klassische Schoulunterrecht ze integréieren.

Ech géif et awer och interessant fannen, no enger Zäit eng Evaluatioun ze maachen, fir ze kucken, wéi dësen éischte Kontakt mat den Entreprisé sech op de Schüler hir spéider schoulesch an och beruflech Carrière auswirkt. An an deem Kontext iwwerreechen ech och hei eng Motioun.

Wannechgelift, Här President!

Motion 1

La Chambre des Députés,

- consciente que l'école a pour mission de préparer les élèves à une société marquée par des changements constants et rapides ainsi qu'à un marché du travail de plus en plus concurrentiel et interrégional ;

- sachant que le lycée pilote s'appuie sur une expérience de 12 ans en matière de projets pédagogiques fondés sur des « entreprises » qui réunissent élèves et adultes autour de travaux de production, de développement et de commercialisation ;

- constatant que le présent projet de loi a pour objectif de mettre en place une expérience entrepreneuriale pendant les études secondaires au lycée pilote et à refonder celles-ci en créant des entités plus proches encore de la réalité économique ;

- notant que ce concept s'inscrit dans le plan d'action « Entrepreneurship 2020 » de la Commission européenne ;

invite le Gouvernement,

- à présenter à la Chambre des Députés au plus tard trois ans après la mise en vigueur de la loi y relative une évaluation du fonctionnement des unités d'entreprise ;

- d'examiner dans le cadre de cette évaluation l'éventuelle corrélation entre l'expérience entrepreneuriale des élèves et leur orientation scolaire future.

(s.) Françoise Hetto-Gaasch, Paul Galles, Martine Hansen, Marc Spautz, Claude Wiseler.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV).** - An domadder ginn ech dann och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetzestext a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Hetto-Gaasch. Als nächsten ageschriwwene Riedner hu mer den honorabelen Här Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Merci, Här President. D'LSAP-Fraktioun begreißt dësse Projet de loi, dee jo, wéi vum Rapporteur a sengem gudden Rapport - an e Merci derfir -, wou e ganz gutt an detailléiert beschriwwen huet, wéi déi Entreprises, op déi jo den Enseignement ..., déi ee vun de Piliere si vum Enseigne-

ment am Ermesinde-Lycée, wéi déi fonctionnéieren. Entreprisé verschiddenster Aart, wou effektiv den Entrepreneuriat gefërdert gëtt an esou och deene Jonken d'Méiglechkeet gi gëtt, fir am Fong erauszefannen, wat se Loscht hunn ze maachen, ier se sech entscheede fir eng Formation professionnelle oder fir weiderzegoe fir en Unisdiplom.

Dat ass effektiv remarkabel. Mir waren effektiv jo de Lycée Ermesinde besichen. Et ass e super Projet. An et ass ëmsou méi e bemierkenswäerte Projet, och wéinst deenen Häiser a wéinst där Method, wéi do enseignéiert gëtt, wéinst dem Abanne vun deene Jonken an den Enseignement, wou u sech hir Stärkten ..., wou si gefuerdert ginn an deene Matière, wou se staark sinn. Dat heescht, wou eng Exzellenz gefuerdert gëtt, plutt wéi eng Medio-kritéit, wéi dat esou oft a leider a munchen vun onse Schoulen de Fall ass, wou mer am Fong oft a Richtung vun engem Mëttelmooss ginn, plutt wéi an d'Richtung vun enger Exzellenz.

An ech mengen, de Lycée Ermesinde ass do e ganz interessante Projet, dee weist, wat do d'Potenzialitéit sinn. Dofir huet dësse Projet natierlech ons Ennerstëtzung. An ech ginn och den Accord vun der LSAP-Fraktioun heizou.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Fayot. An da wier et un der honorabelen Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, am Géigesaz zu anere Parteie stoungen déi gréng am Fong vun Ufank un hannert der Kreatioun vum Lycée Ermesinde. Woubäi ech un de Kolleeg Robert Garcia wéilt erënneren, dee schon am Joer 2000 eng Motioun hei deposéiert huet, wou e ganz genee déi do Form vu Lycée gefuerdert huet, e kooperativen a participative Lycée, dee mam Grupp Lycopa sollt ausgeschafft ginn.

Ëmsou méi frou si mir, datt dëst Konzept, wat ganz innovativ ass, an eiser Lycéeslandschaft Fouss gefaasst huet an haut nach kaum a Fro gestallt gëtt. A mir ënnerstëtzen natierlech och déi verschidde Modifikatiounen, déi de Rapporteur Gilles Baum perfekt a sengem Rapport erkläert huet. Duerfir him e grouse Merci. E grouse Merci awer och fir d'Visitt, déi en ugestouss huet. Déi war wierklech ganz opschlossräich. An do konnt ee sech e Bild vun deene ganz interessanten Aktivitéite maachen.

Nieft den Ännerungen, déi hien erkläert huet, déi sech op d'Evaluatioun vun de Schüler an de Statut vun de Leit, déi am Lycée schaffen, bezéien, geet et jo haaptsächlech ëm d'Unités d'entreprise, déi an dësem Gesetzesprojet méi staark un déi ekonomesch Realitéit solle gebonne ginn. Dëst op Basis vun enger Konvention, déi de Lycée mam Educationminister a mam Wirtschaftsminister ofgeschloss huet.

Do muss ech soen: Op den éischte Bléck, an dat war net nëmmen eisen Androck, huet dës Neuerung fir Opreegung gesuergt. De Wuert laut huet näamlech zu der Vermuddung gefouert, datt d'Schüler vum Lycée mat dësem Projet de loi an den Zwangskostüm vun Entrepreneur geife gestach ginn, mam eenzegen

Zil, d'Wirtschaft am spéidere Berufsliewen um Dréien ze halen, a mam dramatesche Resultat, datt d'Allgemengbildung géif op der Streck bleiwen.

Mir sinn awer frou, datt dës Suerg net berechtigt ass. Ganz am Contraire! Während der Visitt vum Lycée hu mir eis iwwerzeege gelooss, datt sech un der Grondausrichtung an un der Approche vun den Entreprises näischt wäert änneren. Si gi souguer opgewäert.

Ech erkläre mech: Bis elo goufen déi verschiddenen Aktivitéiten, déi am Kader vum Entrepreneuriat stattfannen, just als complémentaire Aktivitéiten zu den Disciplines fondamentales ugesinn. Am Laf vun der Zäit - dat hunn ech mer och vun Eltere bestätegt gelooss - huet sech erausgestallt, datt dës Aktivitéiten eng entscheidend Roll an der berufflecher Orientierung spille bei de Kanner, bei deene Jonken.

An der Praxis ass et jo esou, datt d'Schüler sech opgrond vum eegene Choix an deene verschiddenen Unitéite regroupéieren, well se eppes gemeinsam hunn: d'Interesse an d'Passioun fir eng bestëmmte Matière. An op déi Manéier schaffen déi Jonk dann altersgemëscht an interaktiv zesummen an zesumme brénge se eppes zustanen, wat wäit iwwer e kuerzliewege Projeterausgeet.

An deem Sënn bedeit den Term „Production“, dee jo am Gesetzestext virkënt, net d'Produktioun vu Wuere, déi e Benefiss solle generéieren, mä éischter d'Produktioun vu konkreten Iddien an Initiativen, mam gemeinsamen Zil, nohaltege a ressourcëschronend Services a Wuere zustanen ze brénge, déi der eegener Schoulpopulatioun an awer och dem direkten Umfeld vun der Schoul zeguttkommen, am Sënn vun der Économie circulaire - mir fannen dat äusserst begreissenswäert -, an déi ganz einfach eng wëssenschaftlech, handwierklech oder kulturell Beräicherung fir d'Schüler an d'Schülerinne bedeiten.

Dëst duerch eng transversal Approche, déi de Schüler méi Autonomie, méi Eegeverantwortung, méi Teamgeescht, méi Initiativgeescht a méi eng grouss Eegendynamik zoutraut an hinnen déi am reelle Schoulalldag och effektiv zougesteet.

Wichtig ass och ze betounen, datt d'Leieren an den Entreprises um positive Choix vun de Schüler berout an net, wéi esou oft, um Choix par exclusion. Dat heescht, déi individuell Stärkten, déi individuell Interessen, Passiounen an Ambitiounen bestëmmen de Parcours vun de Schüler an net hir Schwächen. Dëst no der Devise, datt all Kand op seng eege Manéier begaabt ass. D'Begabung an d'Interesse vum Schüler mussen just d'Chance kréien, sech weiterzuentwëckelen a sech fir säi sougenannten „Projet de vie personnel“ mat Inhalter ze fëllen.

Här President, erlaabt mer zum Schluss nach just eng Remark, déi eis als Gréng um Härz läit. An eisen Ae wär et derwäert - och d'Madamm Hetto huet et betount -, äänlech pädagogesch Konzepter nach méi geziilt an anere Schoulen ze entwëckelen, inklusiv der Grondschoul, fir datt méiglech vill Kanner a Jonker dovun kéinte profitéieren, an net just eng Minoritéit, déi dach éischter aus bessergestallte Schichten entstammt.

Spéitstens zanter der bekannter Reformpädagogin Maria Montessori hirer Definitioun vum „Kand als Baumeschter vu sech selwer“ huet eng wichteg Erkenntnis sech duerchgesat. Et ass déi, datt et net vill bréngt, de Kanner hir Gehirer duerch Frontalunterrecht ze beriselen, mä villméi muss et drëms goen, en Ëmfeld ze schafe wéi hei, an deem d'Kanner sech selwer, mä och aneren eppes bäibrénge kënnen. An zwar duerch eng interaktiv, transversal a léisungsorientéiert Approche, eng Approche, déi op de Kanner hire Stärkten opbaut, wéi ech et scho gesot hunn, a se do ofhëlt, wou se stinn.

An duerfir ënnerstëtze mir als Gréng all Schrëtt, deen Dir, Här Minister, an déi Richtung wëllt ënnerhuelen, nom Motto: « effort, passion et amitié ».

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, villmools Merci, Här President. A Merci och un den Här Baum fir e ganz komplette Rapport.

Mir hate wierklech eng flott Visitt am Lycée Ermesinde. An ech mengen, déi Leit, déi do mat waren, waren all begeeschtert, aus deene verschiddenste Grënn. Mir hunn einfach déi Freed gehat, begeeschtert, sympathesch an engagéiert Schüler do kennenzeléieren. An et huet mech och gefreet, datt souguer a Projete wéi an der Astronomie zum Beispill jonk Leit sech engagéieren. Et war eng flott Visitt. An dofir Merci och un de Lycée Ermesinde.

Awer déi Schoul mussen mer och kritesch kucken. Et ass déi Suerg ëm déi Schüler, déi mer do kennegeléiert hunn, déi e bëssen eis Reflexioun ëm déi Schoul soll inspiréieren an eis orientéieren an deem, wat mer mengen, wat gutt ass fir déi Schoul.

Et ass eng Schoul, déi vun Ufank un hire Wee gesicht huet. Am Ufank sollten d'Schüler hir Schoulbicher selwer schreiwen. E bëssen esou an där total vereelzter 68er Ideologie, déi eis gréng Kolleegin och elo hei rappeléiert huet, eng Schoulpädagogik, déi net vun dëser Welt ass, déi de Kanner méi schuet wéi notzt. An et ass jo dat, wat déi gréng eigentlech erreeche mat hirer Politik.

Elo soll den Entrepreneuriat an de Schoulen ageféiert ginn, an d'Europäesch Kommissioun mengt, datt dat dat Richtegt wär fir d'Schoulen. D'Europäesch Kommissioun huet iwwerhaupt keng Kompetenz an der Education. Si soll sech do eraushalen! An et ass net mat enger neoliberaler Ideologie à la Europäesch Kommissioun, wou mir sollte kucken, wéi mer eis Schoulen organiséieren. Et geet déi, wéi gesot, guer näischt un.

Mir mengen als ADR, datt et eng héichwäerteg Bildung soll sinn. Mir hate gëschter iwwert d'Wichtigkeet vun der Formation professionnelle geschwat, iwwert d'Handwierk. Mir denken, datt och an allen anere Beräicher d'Leeschtung, den Niveau soll esou sinn, datt Lëtzebuerg international ka mathalen: an der Wëssenschaft, och an der Konscht, och an der Économie. Awer a spezialiséierte Schoulen, déi d'Leit op dee Wee brénge a se op engem international valabelen Niveau qualifizéieren.

Ech huelen zur Kenntnis, datt den Här Fayot vun der LSAP hei gesot huet, a ville Lëtzebuerger Schoule wär den Niveau medioker. D'LSAP ass säit Jore fir d'Schoulpolitik hei am Land matverantwortlech. An ech freeë mech, datt den Här Fayot an engem Abléck vun éierlecher Asicht eis hei gesot huet, wat d'Wourecht ass, näamlech datt d'Resultat vun hirer Politik zu enger Mediokritéit am Schoulwiesen op ville Plaze gefouert huet.

Dat ass jo awer net dat, wat mir gär hätten!

(Interruption)

Mir wëllen, datt op jidde Fall d'Kanner net ofgelenkt ginn, mä mir hätte gär e Schoulsystem, deen d'Kanner op engem méiglechst héijen Niveau qualifizéiert.

De Lëtzebuerger Schoulsystem soll spezialiséiert sinn. E soll leeschtungsorientéiert sinn. E soll integrativ sinn, och eppes, wat dës Regierung net mécht, well dës Regierung jo dauernd eis Schoulen no Sproochen an no Nationalitéiten ëmmer méi optrennt; mir haten dat och gëschter nach eng Kéier gesot. An d'Kommerzialiséierung vun de Schoulen elo als Entreprises ass just en neien Usaz an déiselwecht Richtung.

Mat darselwechter Begeeschterung, mat esou engem „Metaverbiage“ vu Consideratiounen, mat enger Sprooch, déi eigentlech mat de Realitéiten näischt ze dinn huet, mat deemselwechte Sproochgebrauch ass hei Reform fir Reform gelaft ginn, och vun deene Grëngen, och vun aneren! Egal bal, wat an de Schoule proposéiert gëtt, ëmmer mat deeneselwechte Floskele gëtt dat gelaft als dat Richtegt. Mä d'Wierklechkeet ass, datt d'Schoule sech ëmmer méi vun deene wierklechen Noutwendegkeeten ewechbewegen.

Mir sinn also ganz skeptesch. Et ass net dee richtige Wee fir d'Lëtzebuerger Schoul. Natierlech soll de Kontakt zur Économie gefleegt ginn, awer, wéi gesot, net nëmmen zur Économie. An déi Atelierien, déi sinn heiansdo méi parascolaire u sech, méi hobbyméisseg, déi kënnen och an der Schoul hir Plaz fannen, mä wéi gesot am Parascolairen, wéi datt se sollte wierklech d'Gerüst sinn, d'Skelett vun der Schoulausbildung.

Mir wäeren tendenziell der Meenung gewiescht, mir sollten eis bei dësem Projet enthalten, well vläicht verschidden Aspekter och d'Leit kënnen begeeschteren. Mir hunn dat och zum Deel kënnen gesinn.

Mä do, wou d'ADR op kee Fall matmécht - nimools matmécht! -, dat ass an deem Paragraf, wou mer soen: „dräi Landessproochen, an et geet duer, an enger Landessprooch e bësse Kenntniss ze hunn, op engem Niveau B2“. Nimools wäert d'ADR e Gesetz stëmmen, an deem d'Lëtzebuerger Sprooch op déi zweet Plaz gesat gëtt!

Fir eis gëtt et eng Nationalsprooch an dräi administrativ Sproochen, well mir halen eis un d'Sproochegesetz vun 1984. Et gëtt net dräi

Le saviez-VOUS ?

SESSION

Une session est une des divisions de la législature. Il s'agit de la période de l'année pendant laquelle siège la Chambre des Députés. Le Règlement de la Chambre prévoit l'ouverture de la session pour le deuxième mardi d'octobre. Généralement une session se clôture juste avant l'ouverture de la prochaine session.

VOTE DE LA LOI

La Chambre des Députés se prononce sur les projets et propositions de loi dans le cadre de plusieurs votes. Un projet ou une proposition de loi peut être soumis au vote par division sur demande de cinq députés au moins. Si des modifications ont été adoptées, la Chambre procède ensuite au second vote réglementaire sur ces amendements après que le Conseil d'État a donné son avis à leur sujet. Ce vote tient son nom du fait qu'il est prévu par le Règlement de la Chambre. L'étape suivante concerne le vote sur l'ensemble du projet ou de la proposition de loi. Finalement, au moins trois mois après le vote sur l'ensemble, le second vote constitutionnel achève l'œuvre législative de la Chambre. Néanmoins, la Chambre, avec l'accord du Conseil d'État, peut décider de se dispenser de ce second vote constitutionnel.



Landessproochen. Dat ass eng Fiktioun! Et ass och esou, datt mir verlaangen, datt, wien zu Lëtzebuerg wëllt Beamten oder Employé sinn an der Fonction publique, Lëtzebuergesch muss schwätzen. Dat ass an deem Gesetz net garantéiert. Dofir stëmme mir mat Neen!

Ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Kartheiser. An da wier et um honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner (*déi Lénk*)**.- Merci, Här President. Jo, et ass schonn e puermol gesot ginn, mir sinn als Kommissioun dee Projet besiche gaangen, deen tatsächlech, mengen ech, jiddweree begeeschtert huet. Well et war schwéier, net begeeschtert ze sinn, fir ze gesinn, wéi déi Schüler och wierklech mat Enthusiasmus sech an deene verschiddenen Entrepreneuren oder Ateliers, wéi een dat och ëmmer wëllt nennen, do beschäftigt hu mat Saachen, also mat Biologie, Mechanik, Vëlo reparéieren, Gastronomie, Astronomie, Schräinerei an esou weider. Ech wier frou gewiescht, wann et dat zu menger Zäit gi wier. Also ech hätt mech wahrscheinlech och gefreet, an esou engem Lycée kënnen ze sinn.

Mir sinn och dee Lycée visitéiere gaangen an dee Projet u sech visitéiere gaangen, well mer awer an der Kommissioun am Ufank bei der Presentatioun eng Partie kritesch Iwwerleeungen haten. An ech war och positiv iwwerrascht, datt u sech och vill Kolleegen a Kolleginnen aus deene verschiddenste Fraktiounen sech awer trotzdeem d'Fro gestallt hunn, awéifern déi ganz Entrepreneuriatsgeschichten awer kompatibel wiere mat der Schoul. Ech war frou, datt déi Fro iwwerhaupt och vun anere Leit kouw wéi nëmme vun engem Vertrieder vun déi Lénk. An dat war jo och d'Reaktioun, datt mer dat kucke gaange sinn.

Bon, mir haten duerno och eng Diskussioun, och mat de Verantwortleche vum Lycée, mat dem Här Medinger, dem Här Özen, déi scho vun Ufank un derbäi sinn, wéi et nach net „Ermesinde“ geheescht huet, mä „Neie Lycée“, an déi wierklech ganz engagéiert sinn. A wie se kennt a wien och weess, wat u sech de Gedanken hannert där Schoul war, dee weess, datt et keen neoliberale Gedanken ass op jidde Fall. Also ech hunn dat och ëmmer esou verstanen.

Trotz alldem muss ee sech ëmmer d'Fro stellen, wat hanner gewëssene Programmer wéi justement deem Aktiounsprogramm « Entrepreneurship 2020 » vun der EU steet, awéifern sech esou Saache mariéiere mat - „bestueden“, pardon!, net „pardon“, „entschëllegt“, et gëtt schwéier -, wéi sech esou Saachen „mariéieren“ - allez ! - mat och Alternative respektiv emanzipatorescher Pädagogik.

De Problem ass deen: Si wollte jo ewechkomme vum klassesche Frontalunterricht. Et kann ee soen, datt de klassesche Frontalunterricht och seng Virdeeler konnt hunn. Mä esou gutt huet en och net funktionéiert. Well de Problem ass jo och deen: Ech kenne jo ganz wéineg Leit, déi an deem klasseschen Unterricht waren an déi aus der Aarbechterklass koumen. Et sinn der ganz weéne, déi herno aus där Situatioun erauskomm sinn, et sief, si hunn an enger Zäit geléift wéi den „Trente Glorieuses“, déi hinnen et erméiglecht huet, fir e bëssen erauszekommen an de Mëttschichten.

Well am Prinzip huet dat jo weiderhin déi Saach reproduzéiert. De klassesche Frontalunterricht reproduzéiert u sech weiderhi grosso modo - bon, et ginn ëmmer Ausnamen - d'Klasseverhältnissen. An dat kann awer och de Fall sinn, och mat alternative Pädagogiken, déi och hir Virdeeler hunn, mä déi een och muss kritesch kucken - well et ginn der vill en plus a si sinn nach méi al wéi '68, et ginn der vill - an déi och duerno, wa se applizéiert ginn innerhalb vun neoliberalen Verhältnissen, heiansdo awer och kënnen net déi erwënschte Resultater kréien an déi awer och duerno erëm déiselwecht Verhältnissen weiderhi reproduzéieren. Bon!

Mir wäerten dee Projet do elo matstëmmen, well dee Projet schonn existéiert a mir wëllen deem och net am Wee stoen, och wann een esou Projekte muss kritesch ukucken. Et wier falsch, deen Enthusiasmus elo ze briechen.

Mä et muss een awer trotzdeem Iwwerleeungen maachen, sech iwwerleeën - ech ka mech erënnere un déi Campagne „Trau dech“ vum Minister Krecké, wou ee gesinn huet, esou eng Primeraner mat 18 Joer: „Jo, elo hunn ech meng Première gemaach an ech maache meng Entreprise.“ Jo! Also dat kann nëmme e Minister soen, dee säi ganz Liewe laang Foncti-

naire war an deen duerno neoliberal gëtt, fir ze mengen, datt dat esou einfach wier! Meeschtens ass et jo esou: Et muss een e Betrib ierwen oder et muss ee scho gutt Startkapital hunn, an da kann een och capabel Leit astellen. Et ass seelen, et ass ganz seelen, datt een dat vum selwe mécht!

Meng Bom hat eng Epicerie, nodeems se Aarbechterin war bei Villeroy & Boch. An den 90er Joren ass et Biergof gaangen. Firwat? De Cactus war schonn zu Bäreldeng, mä dunnt huet nach de Match opgemaach. Et war zu Weimeschierch, déi Epicerie. An dunnt huet se missen iergendeng Kéier zoumaachen. Et huet näischt mat Aarbecht ze dinn. Ech mengen, et kann een esou vill sech engagéieren, esou vill schaffen, wéi ee wëllt, et dierf een ni vergiesen, datt aner Saache matspillen!

De Problem ass jo och deen, datt awer trotzdeem déi jonk Leit, déi an de Lycée Ermesinde ginn, meeschtens och aus - an tant mieux pour eux ! - elo net onbedéngt räiche Verhältnissen kommen, awer aus e bësse méi privilegiéierte Verhältnissen kommen. An déi och vläicht duerno nieft deene Capacitéiten, déi se kënnen kréien an enger Entreprise an esou weider, och iwwer e gewëssene Capital culturel verfügen, sief et vun doheem, an deen och nach duerno duerch dee gudden Enseignement am Lycée Ermesinde weider amplifiéiert gëtt! Natierlech kënnen déi Leit wahrscheinlech och besser eens ginn, dat dierf een net vergiesen.

Dofir plädéiere mir weiderhi fir den Tronc commun. An et wier schéin, wann och, wat weess ech, am Lycée technique du Centre, wann déi Jonk do kéinte Literatur maachen, Philosophie, Geschicht maachen a Schräinerei an och Konta an esou weider a léieren, wéi dat gemaach gëtt. Well - mir hu gëschter iwwert déi Formation professionnelle diskutéiert, ...

(Interruption par la présidence)

... déi ass - ech si fäerdeg, Här President - u sech dofir do, fir datt d'Leit aus den Aarbechterschichte sech afügen an den Aarbechtsprozess. An dernieft hu mer esou flott Projeten, déi Kanner aus e bësse méi privilegiéierte Schichten, déi Leit destinéieren, fir duerno e Betrib ze dirigéieren. Et wier gutt, wa jiddwereen déi Chance kéint hunn!

Mä trotzdeem, ech wëll dat net schlechtmaachen, dee Projet ass ganz flott am Ermesinde. An ech wënschen hinne bon Courage a weider esou. An ech weess, datt si reflektéiert déi Saach och gesinn. Also ech mengen, dat wäert och nach weiderhin interessant bleiwen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Wagner. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kolleegen, et soll een innovéieren an do soll een och an der Bildung net stoppen. An ech mengen, hei ass e Projet, deen elo säit zwielef Joer leeft, wou eng Erfahrung gesammelt gouf. An deen heite Projet dréit deem Rechnung, fir eben dat an dee richtege legale Kader ze géissen.

Deementspriedend kann ech hei den Accord vun de Piraten markéieren.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Educationsminister, den Här Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse***.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech deene Felicitatiounen un de Rapporteur, de Gilles Baum, uschléissen. Och Merci fir déi Zoustëmmung hei, déi awer relativ grouss ass, zum Projet de loi, wou de Lycée Ermesinde nach eng Kéier säi Kader geschäerft kritt, nei Méiglechkeete kritt, virun allem awer och opgrond vun den Erfahrungen aus de leschten zwielef Joer déi eng oder déi aner Dispositioun aus der gesetzlecher Basis amendéiert gëtt.

Dir wësst, datt mer eng Politik maachen nom Motto: „Ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Schüler“. An an déi Schoullandschaft, an déi Bildungslandschaft do passt absolutt och e Lycée wéi de Lycée Ermesinde, deen eng Stoussrichtung ganz besonnesch thematiséiert, nämlech déi vum Entrepreneurship, dee souguer - jo, et ass de Mëtten ugeklongen - Entrepreneuren an der Schoul huet, déi féiert an de Schüler d'Méiglechkeet gëtt, do Responsabilitéit dran ze huelen, hir Erfahrungen ze maachen.

Domadder fërdere mer d'Projetsdenken, mir fërderen d'transversaalt Denken, mir fërderen d'Teamaarbecht, mir fërderen sozial Kompetenzen. An natierlech gëtt sech weiderhin dat vu Fachwëssen och an deem regulären Unterricht - anerer nennen et Frontalunterricht,

souwäit en dann nach esou an där doter Form muss stattfannen - dann ugëeegent, fir ebe grad an den Entrepreneuren, an deene Projeten och kënnen eppes zustanen ze bréngen.

Fir d'Eegestännegkeet vun deene Jonke ganz besonnesch kënnen ze favoriséieren, fir hinnen awer och d'Chance ze ginn, hir Talenter ze entdecken an hir Talenter ze entwéckelen, dat, denken ech, ass mat de Kär, de pädagogesche Kär eigentlech vum Lycée Ermesinde: Dem jonke Mënsch d'Méiglechkeet ginn, ze mieren, ze spieren, a wat e staark ass, a weider doranner ze entwéckelen. An dat ass schonn eng aner Approche, wéi mer se op anere Plazen oft maachen, wou mer eis ganz besonnesch mat de Schwächte vun engem jonke Mënsch beschäftegen.

Den Direkter vum Lycée Ermesinde huet et eng Kéier ganz flott op de Punkt bruecht. En huet gesot: Wann een e jonke Mënsch huet, deen net besonnesch talentéiert ass am Fussball, nun, mat deem kann een all Dag trainéieren, da gëtt et nach ni e grouse Fussballist. Mä wann een awer säin Talent entdeckt ... Den Här Traversini kuckt op mech. Ech schwätzen aus eegener Erfahrung, mengt en, jo.

(Hilarité)

Wann een awer en anert Talent entdeckt a sech selwer an et kann een doranner investéieren a sech doranner entwéckelen, dann ass et net nëmme, datt een dat zu enger richteger Stärkt ka féieren, mä datt een eigentlech och e gléckleche Mënsch kann domadder ginn a säi Liewenswee domadder maachen. An dat ass mat déi pädagogesch Grondlag vum Lycée Ermesinde. Op jidde Fall esou, wéi ech se gesinn.

Nu gëtt et awer, an och dat ass de Mëtten an der Diskussioun hei ugeklongen, eng Rei vu Punkten, op déi mer mussen oppasse bei all där Begeeschterung do. Wa mer soen Entrepreneuren an der Schoul, da gëtt do mat Geld geschafft. Dann heescht dat och vläicht Konkurrenz zu anere Geschäfte ronderëm. Dann heescht dat awer och, datt mer Responsabilitéit droen an deenen Entrepreneuren.

Dann heescht dat och, datt mer dat iergendwéi musse limitéieren, reguléieren, fir datt et nach ëmmer am Kontext vun der Schoul ka stattfannen, fir datt mer eis net op eemol ausserhalb vun der Schoul op dee grouse Marché beginn, an dann natierlech all déi Regele vun deem Marché, dee mer nun eemol kennen, och musse matrespektéieren.

Duerfir ass et eben och esou, datt mer vläicht net déi Flexibilitéit hunn, déi ee sech heiansdo géif wënschen, fir och dann nach eng nei Entreprise ze maachen. Duerfir wëlle mer scho kucken, datt dat a geuerdnete Bunnan, an engem änneleche Volume, eigentlech an änneleche Schinnen och iwwer Jore weidergeet.

Ech wëll nach eng Iwwerleeung wierklech oder eng Präzisioun uféieren, nämlech dat ass, wa mer vun Entrepreneurship schwätzen - an et ass net nëmme de Lycée Ermesinde, dee sech Entrepreneurship op de Fändel schreift, et gëtt eng ganz Rei vun anere Lycéeën, déi a ville Projekte matmaachen, vill Projeten an der Lescht och entwéckelt hunn, déi an déi dote Richtung ginn -, da bedeit Entrepreneurship net nëmme, fir Jonker dozou ze encouragéieren, sech selbststänneg ze maachen, hir Entreprise ze grënnen. Da bedeit Entrepreneurship eben, en Esprit ze vermëttelen, sech ze engagéieren, e Problem ze gesinn an de Problem wëllen ze léisen.

Dat ass eppes, dat brauch ech, déi Kompetenz brauch ech, wann ech eng Entreprise wëll grënnen. Mä si kënnt mer eigentlech iwwerall herno am Liewen, am Berufsliewen, am soziale Liewen, am private Liewen zu pass. Ech brauch dat, wann ech mech gewerkschaftlech engagéieren. Ech brauch dat, wann ech mech an enger Biergerinitiativ engagéieren. Ech brauch dat, wann ech bei een anere Patron schaffe ginn. Mir brauchen dat allegueren heibannen, wéi mer hei sinn, soss wäre mer net hei, wa mer net deen doten Undriff hätten.

Duerfir solle mer de Begrëff Entrepreneurship net nëmme limitéieren op d'Création d'entreprise duerno. Dat kann eng ganz favorabel Suite sinn dovunner. Mä et gëtt ganz vill aner Méiglechkeeten, wat ee mat deem Bagage, deen een do geliiwwert kritt, ka maachen am Liewen.

Vläicht nach eng Präzisioun. Et ass gefrot ginn: Wéi ass de Sproochenapprentissage am Lycée Ermesinde? Dee fënnt jo net an deenen Entrepreneuren statt. Do gëtt eng Émgangssprooch gewielt, déi dann der Aktivitéit ugepasst ass. Déi ass eigentlech net fest geregelt. Mä de Sproochenunterricht fënnt an de Coursunitéite statt, d'selwecht wéi an anere Schoulen och. An et kritt ee jo och duerno deeselwechten Diplom.

Et kann een am Lycée Ermesinde seng Première maachen an deene jeeweilege Sektionen. An dat ass deeselwechten Diplom, well och deeselwechten Examen derhannert steet wéi eng Première an iergendengem anere Lycée am Land. An duerfir ass de Sproochenunterricht, wéi och déi aner Fächer, absolutt comparabel an identesch mat deem, wat och op anere Plaze gemaach gëtt.

Hei ass et eben esou, datt sech Zäit reservéiert gëtt fir déi Aktivitéit an den Entrepreneuren, fir déi eenzel Projeten a gekuckt gëtt, datt dat Transversaalt aus den eenzelne Fächer, aus den eenzelne Coursen dann op där dote Plaz mateneen a Verbindung bruecht gëtt.

Ech wëll nach eng Kéier Merci soe fir déi Zoustëmmung. Och fir déi Begeeschterung, déi Der par rapport zur Schoul ausgedréckt hutt bei där Visitt, déi Der gemaach hutt als Kommissioun. Ech denken, mer sollten nach e puer Schoule kucke goen, well ech sinn dovun iwwerzeegt, Dir wäert och do gradesou begeeschtert sinn.

Villmools Merci!

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7304. Den Text steet am Document parlementaire 7304⁸.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7304 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 7304 ass mat 56 Jo-Stëmmen bei 4 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Laurent Mosar), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Da kéime mer nach zur Diskussioun respektiv Ofstëmmung vun der Motioun. Wëllt dozou nach een eppes soen? Den Educationsminister.

► **M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse***.- Also wann Der d'Regierung frof ëm hir Meinung dozou: Ech ka mat där Motioun do liewen, datt mer no dräi Joer eng Kéier en Tëschebilan maachen, wéi de Lycée Ermesinde a wéi awer och ganz besonnesch d'Entrepris sech do entwéckelt hunn an zu wat dat gefouert huet. Dat schéngt mer e verstännegen Opwand ze sinn, fir awer eng Indication ze kréien, zu wat et gefouert huet.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Kënnen mer par vote à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote sur la motion 1

Wien ass mat dëser Motioun averstanen?

Wien ass dergéint?

Domadder ass dës Motioun eestëmmeg ugeholl.

Domat si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um zwou Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 16.30 heures.)